Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomiesminister weiderzeleeden.

Enn Dezember d'lescht Joer krute Cliente vu POST-Telecom e Mail, datt si mat "Protection Mail" wärend den nächste sechst Méint gratis en zousätzleche Sécherheetszerwiss zur Verfügung gestallt kréien. Dobäi soll et sech zu engem ëm e Spamfilter an op där anerer Säit ëm en Antivirus handelen. Falls si sech wärend der Zäit net aktiv bei der Post mellen, hunn si de Zerwiss duerno automatesch fir zwee Euro de Mount abonéiert.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Ekonomiesminister gär dës Froe stellen:

1) D'Cliente goufen den 20. Dezember iwwer "Protection Mail" informéiert, obwuel dës dem selwechte Mail no schonn am Oktober aktivéiert gouf. Wéi wierkt sech dës Verzögerung op d'Asprochsméiglechkeete vun engem dauerhaften Abonnement vu "Protection Mail" aus? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, ob a wéi et rechtlech mam Konsumenteschutz vereinbar wier, de Leit sechs Méint Zäit ze ginn, fir ze widderspriechen, awer se réischt zwee Méint nom Start vun deem Delai ze informéieren?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, ewéi eng zousätzlech Zerwisser "Protection Mail" vis-à-vis vu standardiséierte Sécherheetsmoossname bitt, déi all E-Mail-Ubidder gratis zur Verfügung stellt, fir déi entspriechend Zousazkäschte fir d'Clienten ze begrënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten